



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8117 vum 30. Juni 2023 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen**

**Ad 1) an 2)**

D'lëtzebuenger Police assuréiert ee ganz noe Monitoring vun der Situatioun a Frankräich a steet an enkem Kontakt mat hire franséschen Homologen. D'Dispositiffe vun der Police sinn der akuteller Situatioun a Geforenaschätzung ugepasst a kënnen en fonctioun vun enger eventueller Hëllesleeschtung direkt adaptéiert ginn. Zum Zäitpunkt vun dëser parlamentarecher Fro, ass kee Besoin erkannt, respektiv ausgedréckt ginn, fir d'Infrastrukturen an der Grenzregioun ze schützen.

**Ad 3)**

D'lëtzebuenger Police huet hire fransésche Noperen gehollef an si ënnerstëtzt am Kader vun de Virbereedungen zu hirem National-Feierdag, de 14. Juli, wou eventuell weider Onrouen gefaart gi sinn.

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX